

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

D'Educatoren an de Crèche fir Kanner bis dräi Joer kommen an hirem Berufsalldag reegelméisseg an intensive Kierperkontakt mat de Kanner. D'Anhale vun enger Sécherheidsdistanz ass hei onméiglech.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Familljeminister :

- 1) Kéinten si sech virstellen, d'Educatoren an de genannte Betreiuingsinstitutiounen prioritär ze impfen? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,


Jeff Engelen
Deputéierten